

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Well d'Logementspräisser fir vill Leit hei am Land säit Joren ëmmer méi schwéier ze bezuele ginn, verleeën och tendenziell ëmmer méi Lëtzebuenger Staatsbierger hire Wunnsätz an d'Groussregioun. An deem Fall mussen si sech vun hirer leschter Wunnsätzgemeng ofmellen, si sinn awer, sou wéi sämtlech Lëtzebuenger déi am Ausland wunnen, fir d'Erneierung vun hirer Carte d'Identité weiderhin op den Zerwiss vun enger lëtzebuenger Gemeng ugewisen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) U wéi eng zoustänneg Administratioun musse Lëtzebuenger, déi am Ausland wunnen sech adresséieren, wann si hir Carte d'Identité wëllen erneieren? Wéi eng potenziell Zousazprozedure mussen si berücksichtegen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n° 5836 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser zum Sujet „Renouvellement de la carte d'identité“**

Laut dem Artikel 15, Paragraf 1 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identificatioun vun de physische Persounen ass eng Identitéitskaart fakultativ fir Lëtzebuerger Staatsbierger, déi am Ausland wunnen.

D'Lëtzebuerger am Ausland, déi am Registre national des personnes physiques (RNPP) agedroe sinn, kënnen eng nei Identitéitskaart op engem Lëtzebuerger Konsulat ufroen. Et kommen awer nëmmen d'Konsulater op de Lëtzebuerger Ambassaden, respektiv Generalkonsulater duerch d'Welt a Fro, well d'Fangerofdréck vun all Persoun geholl an op eng gesécher Aart a Weis iwwerdroe musse ginn. Dës Operatioun kann net op engem Honorarkonsulat gemaach ginn.

Wann eng Identitéitskaart fir eng mannerjäreg Persoun oder eng Persoun, déi ënner Tutelle steet, ugefrot gëtt, da ka vun der Persoun déi d'Demande mécht eventuell verlaangt ginn, fir zousätzlech Piècë virzeleeën, déi beweisen, dass si déi néideg legal Autoritéit iwwert dës Persoun huet.

D'Lëtzebuerger am Ausland hunn och d'Méiglechkeet, fir sech beim Accueil vum Guichet.lu ze presentéieren, fir do hir nei Identitéitskaart unzufroen.

Weider Informatiounen dozou fënnt een op <https://guichet.public.lu/fr/citoyens/citoyennete/papiers-identite/carte-identite/nouv-carte-identite-adulte-non-resident.html>.

Lëtzebuerg, den 23/03/2022.  
D'Inneministesch  
(s.) Taina Bofferding